1-2021-0-1-6841-01 (n°3706)

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# MOTIOUN

Covid-Mesuren an de Spideeler
(Dépôt : Martine Hansen)

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2021

D'Chamber vun den Deputéierten

hëlt Kenntnis :

- vun den aktuell héije Covid-Infektiounszuelen an der domat rëm méi ugespaanter Situatioun an de Spideeler an notamment op den Intensivstatiounen ;
- vum Text vum Projet de Loi N°7924, dee virgesäit, datt an Zukunft an de Spideeler all Prestataire de services an och all Visiteur vun 12 Joer un, entweder geimpft, geheelt oder getest muss sinn an zousätzlech e Schnelltest an der Entrée vum Spidol muss maache fir Zougang zum Spidol ze kréien ;

stellt fest, datt :

- momentan an de 4 Spidolsgruppen am Grand-Duché d'Visitten op 1 Persoun wärend maximal 1 Stonn bei engem Patient limitéiert sinn ;
- laut dem Site www.covid19.public.lu Covid-19 Patiente keng Visitte kënne kréien, ausser wann se um Liewensenn sinn oder eng Détresse psychologique hunn ;
- laut deem selwechte Site d'Spideeler kënnen d'Besuchsrecht komplett ophiewe wann déi epidemiologesch Situatioun et erfuerdert ;

weist drop hin, datt :

- et fir d'psychescht Wuelbefanne vun de Patienten, an domat fir eng méiglechst séier Heelung, wichteg ass datt si a Kontakt mat deene Leit sinn déi hinnen no stinn ;
- och Kanner ënner 12 Joer kënnen eng Infektiounsgefor fir d'Patienten an de Spideeler sinn ;

ass der Meenung :

- datt just 1 Stonn Visitt vun 1 Persoun pro Dag net duer geet fir d'psychescht Wuelbefannen ze garantéieren, notamment vu jonken, eeleren a schwéierkranke Patienten ;
- datt Besuchsbeschränkungen op kee Fall dierfen zur Isolatioun vun de Patiente féieren ;

ass iwwerzeegt, datt :

- duerch e gudde Sécherheetsdispositif, d'Visitte vu méi Leit a wärend enger méi grousser Zäitdauer méiglech sinn, dëst am Sënn vun de concernéierte Patienten ;

Invitéiert d'Regierung,

- zesumme mat de Responsabele vun de Spideeler all méiglech Zenarien ze analyséieren fir d' Visitten vun den Patienten ënnert den noutwendegen Sécherheetsdispositifen sou weit wéi méiglech ze erlaben an doduerch eng Isolatioun vun de Patiente ze verhënneren ;

- de Besuch sou sécher wéi méiglech maachen, an eng gratis Schnelltestflicht fir all Visiteur, och fir d'Kanner ënner 12 Joer vir ze gesinn

- all néideg Efforten ze ënnerhuele fir ze verhënneren datt et nach emol zu enger Situatioun kënnt an där keng Visitte méi an de Spideeler méiglech sinn oder just nach Patienten um Liewensenn kënne Visitte kréien.

Hansen Martine

S. Lies

M. Spautz

F. Hetto-Gaasch

U. Wiseler